



## **Prozedur fir Mëmber vum Verband ze gin**

### 1. Allgemenges

- 1.1. Jongen a Medercher kënnen an de Verband opgeholl gin, ouni Ennerscheed vu Rass, Relioun, Sprooch, Nationalitéit, vun hire kierperlechen an/oder geeschtege Fähegketen, vun hirem soziale Milieu. Si musse sech fräiwëlleg mellen. Bei Mannerjärege gin d'Elteren d'Erlaabnës.

Erwuesse Leit kënnen, wann se sech fräiwëlleg mellen, an de Verband opgeholl gin

- als Cheftainen oder als Chef;
- als Mataarbechter an engem lokale Grupp oder am Verbandsgrupp;
- als fräie Mëmber.

All Mëmber bezillt all Joer eng Cotisatioun a kritt eng Mëmberskaart. (cf. Art. 2.2. vun de Statuten)

- 1.2. Jongen, Medercher an erwuesse Leit, déi gären an de Verband opgeholl gin, gin an dësem Reglement mat dem Wuert "Kandidat(in)" bezeechent.

### 2. Prozedur fir Mëmber vun engem Grupp ze gin.

- 2.1. Fir Mëmber vun engem Grupp ze gin, fëllt de(d') "Kandidat(in)" de Formulaire "Demande fir Mëmber ze gin" aus. Bei Mannerjärege mussen d'Elteren hire schrëftlechen Accord gin.

- 2.2. Soubal de Grupperot säin Accord gin huet, as de(d') "Kandidat(in)" Mëmber vum Verband.

De Grupperot leet fest,

- a wéi eng Brâncchenunitéit de(d') "Kandidat(in)" am Aklank mat dem Art. 1.3.3. vun de Statute kënnt
- resp. wéi eng Charge hien(si) als Chef(taine) oder als Mataarbechter am Grupp iwwerhëlt.

- 2.3. De Grupp mellt den neie Mëmber direkt schrëftlech am Verbandssecrétariat un um Formulaire "Emännerung op de Mëmberlëschten" oder op de "Mëmberlëschte" selwer. Vun deem Ament u profitéiert den neie Mëmber vun der Assurance vum Verband. Fir dat Kalennerjoer, dat amgang as, brauch den neie Mëmber nach keng Cotisatioun un de Verband ze bezuelen.

### 3. Prozedur fir Mëmber vum Verbandsgrupp ze gin

Wéi ee Mëmber vum Verbandsgrupp gët, steet am Art. 4.6. vun de Statuten.

### 4. Prozedur fir fräie Mëmber vum Verband ze gin

- 4.1. Fir fräie Mëmber vum Verband ze gin, muss ee groussjäreg sin. De(D') "Kandidat(in)" schéckt de Formulaire "Demande fir fräie Mëmber ze gin" un d'Verbandssekretariat.

- 4.2. Soubal de Commissaire général säin Accord gin huet, as de(d') "Kandidat(in)" fräie Mëmber vum Verband.



- 4.3. Vun deem Ament u profitéiert den neie Mëmber vun der Assurance vum Verband. Fir dat Kalennerjoer, dat amgaang as, brauch den neie Mëmber nach keng Cotisatioun ze bezuelen.
5. Iwwertrëtt an en anere Grupp
  - 5.1. Beim Iwwertrëtt an en anere Grupp gëlt d'Prozedur esou wéi se an den Artikelen 2.1. - 2.3. festgeluegt as.
  - 5.2. Ernante Chef(tainen), déi an en anere Grupp iwwergewiesselt sin, behalen hir Ernennung nëmmen, wann den neie Grupperot se nees extra fir se ufreet.
6. Iwwertrëtt aus engem anere Guiden- oder Scoutsverband
  - 6.1. Beim Iwwertrëtt aus engem anere Guiden- oder Scoutsverband an de Verband vun de Lëtzebuurger **Guiden a Scouten** gëlt d'Prozedur esou wéi se an den Artikelen 2.1. - 4.3. festgeluegt as.
  - 6.2. Am Fall wou en (eng) ernante Chef(taine) aus engem anere Guiden- oder Scoutsverband an de Verband vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten iwwertrëtt, zielen d'Modalitéiten esou wéi se am Reglement No. 12 festgeluet sin.